LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

N° 4445
Reçue le 02.07.2021

Luxembourg, le 02 JUIL. 2021

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Dossier suivi par :
Nathalie Medernach
247- 74652
qp@msi.etat.lu

**Objet : Question parlementaire n°4445 du 9 juin 2021 de Monsieur le Député André Bauler concernant des véhicules bruyants**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-74610
Fax (+352) 247-94678

www.gouvernement.lu/msi
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'Fro n°4445 vum 9.06.2021**
**vum éierbaren Deputéierten André Bauler**

**Ad 1):**
Aleedend muss bemierkt ginn, dass "Sonométrie"ee komplexe Sujet ass a Kaméidi net esou einfach gemooss ka ginn, fir eng d'Beweislaascht ze erbréngen,, wéi dat z.B. beim Alkoholgehalt an den Ausootmungen oder bei der Vitesse de Fall ass.
D'Commission de Circulation de l'Etat huet sech intensiv mat deem Sujet beschäftegt an ass zur Conclusioun komm, datt eng korrekt Miessung vum Kaméidi op der voie publique mat engem Resultat, dat och viru Geriicht Bestand huet, fir Police momentan nëmme schwéier méiglech ass. Erschwéierend kennt derbäi, datt et eng Partie Gefierer, besonnesch Motorrieder, um Marché ginn, déi mat engem homologéierten Auspuff equipéiert sinn, deen also all Normen erfëllt, mee trotzdeem gréissere Kaméidi verursaacht.

Fir dem Problem trotzdem entgéint ze wierken, mécht Police regelméisseg Verkéierskontrolle wou ënnert anerem d'Konformitéit vu verschiddene techneschen Elementer iwwerpréift gëtt. Esou Kontrolle setzen eng gewësse Kompetenz um technesche Niveau viraus. Auspuffen, déi vu bausse konform ausgesinn, kënne manipuléiert sinn an gi net systematesch bei Kontrollen op der voie publique detektéiert. Esou spezifesch Kontrolle gi speziell am Norde vum Land am Kader vu Moto's-Campagne vun Ouschtere bis den Hierscht duerchgeféiert, awer net nëmmen.

**Ad 2):**

Am Kader vun de geplangten Effektivserhéijungen soll och d'Police de la Route verstäerkt fir Kontrolle betreffend d'Sécurité routière duerchzeféieren. Wéi am Punkt 1 erkläert, kann de Recrutement vu Police Agenten alleng dëse Problem net léisen.

**Ad 3):**

Et ass momentan net virgesinn Moossungs-Geräter unzeschafen, mee éischter sech op d'Opstellung an déi néideg Kompetenzen vu Police Agenten ze konzentréieren. D'Gesetzgebung erlaabt der Police aktuell net weider Mesuren ze ergräifen wéi déi Kontrollen, déi scho punktuell duerchgefouert ginn.

**Ad 4):**

Am Kader vun den Verkéierskontrollen huet Police säit 2018 bis den Datum vum 17.6.2021 folgend Contraventiounen festgestallt an entspriechend Avertissement-Taxés ausgestallt:

| | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
|---|---|---|---|---|
| Art. 025-01 (usage d'un véhicule automoteur provoquant des bruits gênants) | 7 | 4 | 17 | 12 |
| Art. 025-02 (usage d'un véhicule émettant un bruit dépassant le niveau sonore réglementaire) | 0 | 0 | 4 | 3 |
| | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
| Art. 025bis-02 (échappement non-réglementaire) | 265 | 204 | 232 | 78 |
| Total | 272 | 208 | 253 | 93 |